n° 3690

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2021

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

REÇU
Par Alff Christian , 12:37, 22/02/2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

*« Et ass ons zougedroe ginn, dass d'Luxair, bei där de Lëtzebuerger Staat ëmmerhin Haaptaktionär ass, op hire Flich franséische Schampes zerwéiert, a méi genee eng « Cuvée spéciale Luxair ».*

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:*

*- Kënnen déi Häre Ministeren dës Informatioun bestätegen ?*

*- Wa jo, no wat fir Krittäre gouf d'Entscheedung geholl, kee Lëtzebuerger Cremant méi u Bord ze zerwéieren ?*

*- Ass virgesinn, an Zukunft mat enger oder méi Lëtzebuerger Kellereien zesummen ze schaffe fir lëtzebuergesche Cremant a Lëtzebuerger Wäin ze zerwéieren ?*

*- Sinn déi Häre Ministeren der Meenung, dass et sënnvoll wier lëtzebuergesch Produiten iwwer Firmen, un deenen de Staat Participatiounen hält, méi staark ze fërderen ? »*

Mat déiwem Respekt,

Gilles BAUM　　　　Carole HARTMANN

Deputéierten Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 17 MARS 2021

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

***REÇU***
*Par Alff Christian , 08:53, 18/03/2021*

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune aux questions parlementaires n°3688 des honorables députés Monsieur Léon Gloden, Madame Françoise Hetto-Gaasch et Madame Octavie Modert et n°3690 des honorables députés Monsieur Gilles Baum et Madame Carole Hartmann du 22 février 2021, concernant les produits alimentaires proposés les vols Luxair, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**


Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Här Romain Schneider, Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentarech Froen n°3688 an n°3690 vum 22. Februar 2021 vun den honorabelen Deputéierten Octavie Modert, Françoise Hetto-Gaasch, Carole Hartmann, Léon Gloden a Gilles Baum zum Sujet „Produits alimentaires proposés sur les vols Luxair"**

D'Luxair, och mam Staat als Aktionär, besetzt kommerziell Autonomie. Direktioun vun der Luxair hëllt an dësem Sënn Decisiounen a schléisst Marchée mat Fournisseuren of. Déi aktuell extrem schlecht wirtschaftlech Situatioun verlaangt, dass eng ganz Rei vu Kontrakter hu missen nei verhandelt ginn.

Och de Wäibausecteur leit natierlech ënnert der momentaner Situatioun. Eleng 2020, duerch d'Zoumaache vum Horeca-Secteur an d'Ewechfale vu sëllegen Evenementer a Fester, si manner Fläsche Cremant wéi an de Jore virdrun verkaaf ginn.

De Landwirtschafts- a Wäibauminister setzt sech vehement fir d'Promotioun vun de lokale Produkter an. Besonnesch an der aktueller Situatioun goufe speziell Campagnen (Paquet relance vun 350.000 EURO eleng fir de Wäibausecteur) lancéiert, fir eis regional Produkter de Konsumente rëm méi nozebréngen.

De Wäibausecteur huet bewosst virun zwee Joer eng nei Image commune entwéckelt, déi sech enk um „Nation Branding" inspiréiert huet. Genau wéi aner institutionell Betriber, déi kloer fir Lëtzebuerg stinn, wëll och de Wäibausecteur säin Deel dozou bäidroen, Lëtzebuerg am In- an Ausland ze representéieren an ee Promoteur fir eist Land ze sinn.